N°4462
Entrée le 15.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Chamberpresident

Lëtzebuerg, den 15. Juli 2026

Här President,

esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, géing ech Iech bieden dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

Wärend der COVID-19-Pandemie grad ewéi dem Ufank vum Ukrain-Krich, an der héijer Inflatioun déi dësen zur Konsequenz hat, hat déi deemoleg Regierung decidéiert d'Déguerpissementer aus de Wunnenge wärend der benannter Period ze verbidden. Mam 1. Abrëll 2023 ass déi Dispositioun awer nees ofgeschaaft ginn – säithier kënnen Déguerpissementer am Aklang mam Gesetz vun 2006 iwwert de Bail à usage d'habitation erëm ugewant ginn. Mee och haut, dräi Joer méi spéit, huet d'Inflatioun sech nach net komplett berouegt, a weiderhi kënnen Deguerpissementer déi concernéiert Leit virun extrem Erausfuerderunge stellen – dat virop wéinst de klammende Loyerspräisser um Wunnengsmaart.

An deem Kader géif ech der Madame Justizministesch gäre follgend Froe stellen:

- Wéi vill Prozeduren, déi eng Autorisatioun vum Friddensriichter erfuerderen, fir eng Persoun aus enger Wunneng ausweisen ze kënnen, sinn aktuell amgaang?
- Wéi vill esou Prozedure goufen zënter dem 1. Abrëll 2023 traitéiert? A wéi ville Fäll gouf d'Demande accordéiert?
- Wéi vill vun den Déguerpissementer, déi vum Friddensriichter autoriséiert goufen, sinn zënter dem 1. Abrëll 2023 effektiv duerchgefouert ginn? Wat waren d'Grënn déi dës Déguerpissementer iwwert eng Decisioun vum Friddensriichter méiglech gemaach hunn?
- A wéi ville Fäll huet de Friddensriichter zënter dem 1. Abrëll 2023 e sougenannte sursis à l'excécutioun bei der Vollstreckung vun der Decisioun accordéiert?
- Huet d'Madame Ministesch Kenntnis driwwer, ob déi concernéiert Leit no hirem Déguerpissement erëm eng nei Wunneng fonnt hunn? De Fall gesat dës Donnéeë wieren disponibel, wéi laang war den Delai bis déi concernéiert Leit erëm ënner Daach waren?

Mat déiwem Respekt

Ben Streff
Deputéierten

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu